N°1986
Entrée le 27.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Déi aktuell Schoulzäiten am Fondamental, wou d'Kanner u verschiddenen Deeg no enger laanger Mëttespaus nach emol d'Schoulbänk mussen drécken, brénge vill Nodeeler fir d'Kanner, d'Elteren an d'Personal mat sech, grad a Gemengen, wou aktuell ee Mangel u Betreiungsplazen ass.

Eng Upassung vun de Schoulzäiten, wou d'Schoulzäiten all Dag nämmlecht sinn (z.B. 8h00 bis 13h00 oder 7h00 bis 12h00) kéint bei de Kanner de Stress reduzéieren, deen de Wiessel Schoul-Maison Relais-Schoul mat sech bréngt. Den Elteren, déi mi-temps schaffen, géif dat erlaben, Mëttes méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen a fir d'Personal an de Maisons Relaise géif et de Planning méi einfach maachen.

Weider Virdeeler vun neie Schoulzäite wieren am Transport bemierkbar duerch den Impakt op d'Stousszäiten, mee och op déi wirtschaftlech Attraktivitéit vu Lëtzebuerg, wann d'Beruffsliewen an d'Familljeliewen an ee bessert Equiliber kommen. Och Kultur a Bénévolat kéinte vu méi gereegelten Auerzäite profitéieren.

Am Koalitiounsaccord ass näischt Konkretes zu den Horairen an de Schoulen ze fannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi eng Positioun huet dës Regierung zu der Ännerung vun de Schoulzäiten?
   Verschléisst si sech enger Upassung vun neie Schoulzäiten oder sicht si hei, zesumme mat de Leit um Terrain, no alternative Modeller?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten